CHAMBRE DES SALARIÉS
LUXEMBOURG

# Discours
# de Madame Nora BACK,

présidente de la Chambre des salariés,

# à l'occasion
# de la réception de Nouvel An

seul le discours prononcé fait foi

16 janvier 2023

Här President vun der Deputéiertechamber,

Dir Dammen an dir Hären Deputéierten,

Dir Dammen an dir Häre Ministeren,

Léif Ambassadeuren an Ambassadricen,

Dir Dammen an dir Hären,

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech sinn immens frou, iech haut kënnen op eiser Receptioun de Nouvel an ze begréissen.

Ech  wollt iech fir d'éischt alleguerten nach e schéint a glécklecht neit Joer wënschen.

A soen iech Merci datt der hei sidd, sou zuelräich hei sidd, fir mat eis e Patt ze huelen op dat neit Joer.

Ech soen och besonnesch dem Fernand Etgen, President vun der Chambre des députés, an dem Georges Engel, dem Aarbechtsminister,eisem Ministre de tutelle, Merci, dass si sech bereet erkläert hunn, fir den Owend och e puer Wuert ze soen.

Wéi ech am Januar 2020 di éischte Kéier hei stoung fir eng Ried ze halen,hätt awer dee Moment och net geduecht dass ech duerno laang net méi géif hei stoen.

D'CSL huet leider missten hier Néijoersréceptioun 2021 an 2022 annuléieren.

Mee elo däerfe mer erëm zesumme kommen. An dat ass gutt esou, dat ass och dat wat eis ausmécht, Leit zesummen ze bréngen. An dëst Joer ass et besonnesch wichteg, well mer an engem Superwahljoër sinn a mir als CSL garantéieren datt och am politeschen Débat d'Interesse vun de Leit déi mir vertrieden, net ze kuerz kënnt.

Haut si mer och hei fir d'CSL ze feieren. D'CSL als eigentlech déi gréisst gewielten Institutioun zu Lëtzebuerg. Résidents a Frontaliers, Apprentis, an déi schaffend Leit, oder déi di op der Sich sinn no enger Aarbecht, an och zënter enger Zäit, d'Rentner, sinn an eiser Chambre vertrueden. Hier Wichtegkeet fir eng demokratesch Gesellschaft ass unerkannt.

D'CSL ass a ville Beräicher e wichtegen Acteur zu Lëtzebuerg. Sief dat am juristesche Beräich iwwer d'Avis'en, Newsletteren a Publikatiounen, oder am ekonomeschen a soziale Beräich och duerch Avis'en, Etuden a Prises de position Konferenzen

Da natierlech am Domaine vun der Formatioun an alle Beräicher, sief dat an der Formation initiale sief dat an der Formation continue wou mer souvilles maachen, politesch matwierken a selwer eng ganz breet Palette vun Offeren hunn an eisem LLLC.

Dir Dammen an déi Hären,

Mir duerchliewen eng schwéier Zäit. Mir hunn haart Joeren hannert eis an och dëst Joër stinn eis vill Erausfuerderunge bevir.

d'Situatioun ass méi wéi ugespaant.

Esou Receptioune wéi déi heite sinn am Moment op anere Plazen an Europa ondenkbar

Lo ass et geschwënn ee Joer hier dass de Krich an der Ukrain ugaangen ass, an et ass nach ëmmer keen Enn a Sicht.

Dat ass onnéideg an extrem tragesch a grausam fir déi Leit déi direkt vum Krich betraff sinn.

D'Konsequenze vum Krich sinn iwwerall an Europa, an och zu Lëtzebuerg ze spieren a wäerten och d'Joer 2023 staark prägen.

Schonn d'lescht Joer stoungen déi Diskussiounen un, virun allem an der Tripartite, wéi een déi Konsequenzen am beschte kéint offiederen ouni dass d'Leit an d'Betriber ze vill drënner leiden.

Dat ass och gutt gelongen an enger éischter Phase, mee di Mesure ginn awer net duer.

Wéi gesot di ekonomesch, mee virun allem och di sozial Situatioun ass ugespaant. Mat deene villen Inconnu'en, weess kee sou richteg wéi 2023 sech wäert entwéckelen. D'Fro vun der Gravitéit vun den ekonomesche Konsequenze steet am Raum.

De Marcel Fratzscher vum Deutschen Institut für Wirtschaftsforschung vu Berlin, gesäit 2023 nach relativ positiv, den Ëmstänn entspriechenda rechent net mat enger Récessioun, mee éischter enger Stagnatioun an Europa.

Mee et géifen awer genuch Risiken déi d'Situatioun nach kéinte verschlechtere wéi eng Eskalatioun vum Krich, eng Energie- a Gasknappheet, ënnerbrache Liwwerketten notamment duerch di nei Covid-Well a China, en Abroch vum globalen Handel den duerch verschäerften Handelskonflikter kann entstoen.

A net zulescht d'Inflatioun selwer an d'Kafkraaft vun de Leit déi domadder erofgeet.

D'Leit bis déif an d'Mëttelschicht era spieren et am Portmonnie, och zu Lëtzebuerg.

Den offiziellen Donnée'en vun der Europäescher Kommissioun bestätegen dat wat mir dauernd soen: am éischte Semester 2022 ass de Revenu disponibel vun de Menagen an der europäescher Unioun zréckgaangen.

D'Inflatioun géif béi ronn 7% leie fir 2023.

Zu Lëtzebuerg soll  d'Inflatioun just hallef sou héich ginn. Dat duerch den Tripartitesaccord vum Hierscht deen d'Inflatioun andämmt duerch d'Plafonéiere vun den Energiepräisser.

Dat ass iwwregens och eng sozial Mesure contrairement zu dem wat heiansdo behaapt gëtt, well d'Ausgabe fir d'Energie am Budget vun de Menagen mat engem niddrege Revenu méi e groussen Undeel ausmaachen.

Par rapport zu hirem Revenu ass deene Menagen also am meeschte gehollef. Dat Selwecht gëllt fir d'Baisse vun der TVA, virausgesat si gëtt och vun de Betriber ëmgesat.

Dir Dammen an dir Hären,

Am leschten Hierscht an der Tripartite konnten d'Gewerkschaften opgrond vu Statec-Donnée'en weisen dass d'Entwécklung fir d'Betriber vun 2019 bis Mëtt 2022 extrem favorabel waren.

Den Excédent brut d'exploitation an der Gesamtekonomie, also vereinfacht gesot d'Gewënner vun de Betriber, sinn nominal ëm 37% geklommen, d'Masse salariale nëmmen ëm 25%.

Op dat Argument hin, krute mer an der Tripartite ëmmer gesot déi Tendenz géif sech ännere well et elo biergof geet fir d'Betrieber. Ma mir hunn lo d'Donnée'en vum drëtten Trimester kritt. Do huet sech déi Entwécklung bestätegt, respektiv verstäerkt. Den EBE ass weider geklommen, d'Masse salariale stagnéiert.

Mir hunn also an dem Zäitraum eng Baisse vun der Part salariale am PIB gehat. Gëtt Zäit ze handelen.

Dir Dammen an dir Hären,

Déi sozial Indicateuren, déi d'Inegalitéiten an den Aarmutsrisiko moossen, schwätze leider och eng kloer Sproch.

Si klammen, an dat zënter Joren.

Ech verschounen iech lo mat Zuelen, di meescht kennen se warscheinlech, hei just eng Donnée fir dat ze illustréieren.

Am Kader vum europäesche Semester gëtt och e sozialen Tableau de bord opgestallt. En huet alt de Merite ze existéieren, och wann d'Kommissioun an de Conseil net ganz vill Wäert drop lee'en wann se hir Recommandatioune maachen.

De Musterschüler Lëtzebuerg steet do « ënner Beobachtung » waat Indikateure wéi Aarmutsrisiko an Efficacitéit vun de sozialen Transfert'en ubelaangt.

An et gëtt souguer een Indicateur wou d'Situatioun zu Lëtzebuerg als carrément kritesch agestuuft gëtt, an dat ass de Risk vun Aarmut a vun Exclusion sociale béi de Kanner.

An dat kënnt net vun näischt. Lo kann een eis soen, mee mir hunn jo awer eppes gemaach béi de Prestations en nature. Dat war och gutt sou, mee dat geet net duer.

D'Kannergeld war jorelaang net indexéiert, contrairement zu dem wat de Gewerkschaften 2014 versprach gouf. Do besteet nach ëmmer e Retard vu ronn 10%.

Net ze vergiessen d'Reform vun 2015 : do ass den duerchschnëttleche Montant pro Kand erofgesat gi fir di Kanner déi no der Reform op d'Welt komm sinn.

Da brauch een sech net ze wonneren.

Allgemeng muss ee soen dass d'Inégalitéiten net di éischt Prioritéit vun der Regierung schéngen ze sinn. Dat huet een och an de Budgetsdebatte gemierkt, an och am leschten État de la nation.

D'Inegalitéite komme net vum selwen ; a si ginn och net rëm vum selwen. Et muss een de Wëllen hunn an sech d'Moyen'en gi fir dogéint virzegoen. D'CSL fuedert e konkreten Aktiounsplang géint d'Inégalitéiten zu Lëtzebuerg.

An eng Reductioun vun den Inegalitéite kritt een d'ailleurs och andeems een op der richteger Plaz méi Recette schaaft.

Do gëtt et Sputt. Déi ongerecht Steierpolitik an deene leschte Joren a Jorzingten huet just derzou gefouert datt, éischtens d'Betriber ëmmer manner Steiere bezuelen, zweetens dass d'Kapitalerträg an de Patrimoine just ridicule besteiert ginn.

En plus, Op der anerer Säit, dass op de Revenu'en di ënnescht an di mëttel Revenu'en am Verglach vill méi staark besteiert gi wéi déi héich.

Zousätzlech hate mer an deene leschte Jore permanent Steierhaussen déi virun allem di niddreg an di mëttel Léin treffen. Well d'Net-Adaptatioun vum Barème un d'Inflatioun ass näischt anescht wéi eng Steiererhéijung. An der Steiererhéijungen hate mer 5 an deene leschte Joren, a viraussiichtlech 3 am Joer 2023.

Dat heescht dass d'Salarié'en e Kafkraaftverloscht hunn ; an dat an enger Situatioun wou scho vill Leit Problemer hunn iwwert d'Ronnen ze kommen.

Fir eis muss lo Schluss si mat der Steierongerechtegkeet zu Lëtzebuerg. Hei kéint ee mat enger gezieltener Reform Inegalitéiten ofbauen.

Mir hunn als CSL an eisem Budgetsavis eng Propose vun engem neie Barème gemaach fir dem Phenomen entgéint ze wierken. Wann ee wierklech wëll méi Steiergerechtegkeet hunn, servez-vous !

Dir Dammen an dir Hären,

D’Ongerechtegkeeten allgemeng an och an de Steiere sinn an enger éischter Phase och d’Haaptthema vun Improof.lu, enger neier Plateforme de réflexion déi d’CSL lancéiert huet.

Improof.lu ass eng nei Internetplattform wou Analysen, Iwwerleeungen an Artikele publizéiert gi mam Zil vun enger méi gerechter an durabler Ekonomie.

D’Theme sinn déi déi Leit betreffe wéi ënnert anerem Steieren, Aarbechtsrecht, Sécurité sociale, Logement, Formatioun, ekologesch an digital Transitioun, asw.

D’CSL huet déi Plateforme lo lancéiert.

Mee d’Auteur’en déi mer gefrot hunn fir Artikelen ze schreiwe maachen dat en nom personnel an d’Inhalter gi net vun eise Gremien zenséiert. Sief dat wann d’Artikele vun eisen eegene Conseiller’en geschriwwe ginn, sief dat natierlech och net wa mer Externer froen op si wëllen eppes zu engem Thema bäidroen.

Dir Dammen an dir Hären,

Mir sinn an enger Zäit vum Wandel. An der  di ekologescher, der digitaler a sozialer Transitioun, ass et esou wichteg de Wee zu enger méi gerechter Gesellschaft hinzekréien.

An duerfir brauch een och héich ëffentlech Investissementer.

An dobäi muss natierlech virun allem och no deene Schwächste gekuckt ginn. Eng Gesellschaft léisst sech dru moosse wéi se mat hiere Kranken a Pflegebedürftegen ëmgeet. An hei dierf kee Business mat hinne gemaach ginn. Mir stinn zu eisem gudden ëffentlechen, solidaresch finanzéierte Gesondheetssystem dee jidderengem dee selwechten Accès op héich qualitativ Soins’en garantéiert. An dee System, dee muss gestäerkt ginn a wieder ausgebaut an net zréckgeschraufft ginn.

Dozou gehéiert och e staarke Sozialstat, mat gudde Sozialversécherungen. Dann musse mer eis och hei di néideg Moyen’en gi fir dat ze finanzéieren.

Fir eis kënnt et op jiddefalls net an d’Tut dass mer Leeschtunge verschlechteren, manner gutt ëmgi mat deene Kranken oder eng Zwouklassemedizin aféiere fir Suen ze spueren.

Och wat di sougenannte gréng Investissementer betrëfft, brauche mer méi Transparenz am Staatsbudget. Dat gëtt och lo am Kader vum europäesche Semester gefrot. Mir hunn probéiert an

eisem Budgetsavis nozevollzéie wat vun der Regierung als ekologeschen Invest consideréiert gëtt, dat ass leider net sou evident a bedarf méi detailléierter Erklärunge fir sech net mussen de Virworf vun Intransparenz gefalen ze loossen.

Di europäesch Reegele wat d'Gouvernance économique betrëfft mussen an déi Richtung geännert ginn dass héich Investissementer an d'Zukunft méiglech sinn, ouni dass ee vu Bréissel op d'Fanger geklappt kritt.

Investissementer an d'Zukunft dierfe béi den Defizitberechnungen net selwecht consideréiert gi wéi normal lafend Ausgaben.

Well wann lo net investéiert gëtt, ass dat schiedlech fir di zukünfteg Generatiounen.

Dat ass méi wichteg, wéi sech mat der Situatioun vun dem Pensiounsregimm am Joer 2070 ze a. Et ass bal net nozevollzéie wéi een am Moment ka mat sou eppes Zäit verléieren, wou aner Problemer wéi de Logement, d'Klimakris oder sozial Verwerfunge virun der Dir stinn.

Mir si fir eng fortschrëttlech ekologesch a sozial Investitiounspolitik, dat d'ailleurs och wat d'Reserve vum Pensiounsfonds betrëfft.

D'CSL huet sech dozou positionéiert am Fréijoer, an ech ka soen dass d'Vertrieder vun den Assuréen am Verwaltungsrot vum Fonds de compensation sech derfir agesat hunn dass dee Fong soll fortschrëttlech an net réckwäerts gewannt investéieren.

mir hunn schonn ëmmer gesot dass et hei net op di gréisstméiglech Rentabilitéit ukënnt – déi rett de System souwisou net – mee dass do utilement sollen d'Suen an d'Lëtzebuerger Ekonomie investéiert ginn, zum Beispill an de Logement.

Dir Dammen an dir Hären,

De Staat ass do fir dat allgemengt Recht op Wunnen ze garantéieren. An dat fir all Akommesschichten an der Gesellschaft.

Dat ass hei zu Lëtzebuerg net de Fall. De Contraire ass de Fall. Déi eng verdéngen sech gëllen Nuesen, déi aner verschëlde sech hiert ganzt Liewen. An och dës Regierung war, grad esou wéi hier Virgänger onkapabel dës Entwécklung ofzebremsen, geschweige denn ze stoppen.

Si huet et net fäerdeg bruecht fir wesentlech méi abordable Wunnraum ze schafen, woubäi mer am Verglach mat anere Länner scho ganz niddreg leie wat déi Offer betrëfft.

Si huet lo en Text virgeluecht wat de Bail à loyer betrëfft dee kontraproduktiv ass. Et sollt drëm goe fir di Schwaach, also d'Locatairen, ze schützen. Lo gëtt de Contraire gemaach an d'Loyer'en quasi deplafonnéiert.

A si huet en Text virgeluecht iwwert d'Grondsteier den hannert eisen Erwaardungen zréckbleift : e bréngt kéng Steiergerechtegkeet, well kéng Progressivitéit dran ass fir d'Multipropriétären, an dee kontraignante Volet fir géint d'Spéculatioun virzegoe wäert vill ze spéit gräifen an erlaabt de Spekulanten elo mol nach bis 10 bis 15 Joer hiere Kapp a Rou ze leen.

Dir Dammen an dir Hären,

D'Aarbechtswelt ass am gaangen sech ze veränneren. Den Drock huet op ville Plazen zougeholl an d'Aarbecht ass ëmmer méi schiedlech gi fir d'Gesondheet, fir di mental an och di physesch.

Mir wäerten an deenen nächste Wochen d'Resultater vun eisem Quality of Work Index virstellen.

De Burnout Risiko ass op enger eng klorer Tendenz no uewe – 30% méi héich wéi 2016.

An och d'Problemer vun de Leit fir Beruffs- a Privatliewen ënnert een Hutt ze kréien – 40% méi héich.

Di Problemer mussen endlech seriö geholl ginn, well och déi verschwannen net vum selwen.

A mir kommen do wierklech net laanscht eng Diskussioun iwwert eng allgemeng Aarbechtszäitreduzéierung. Wat net heescht, nämmlecht vill Stonnen anescht ze verdeelen, oder méi vun doheem ze schaffen. Mee wat einfach heescht manner Stonnen ze schaffen.

Dir Dammen an dir Hären,

D'Aarbechtszäit ass net datt eenzegt wat am Code du travail net méi zäitgeméiss ass.

Reform vum Gesetz iwwert d'Sozialpläng, grondleeënd Reform vun der berufflecher Weiderbildung mat Aféierung vun neie Rechter, allgemeng Moderniséierung vum Aarbechtsrecht durch séng Upassung un di verännert Aarbechts- a Betriebswelt, Reform vum Gesetz iwwert d'Plans de Maintien dans l'Emploi, Reform vun de gesetzleche Rechter vun de Salariéen am Fall vu Faillitten.

Dat kléngt alles wéi ee Fuerderungskatalog vun de Gewerkschafte fir di nei Regierung no de Parlamentswale vun dësem Joer. Ass et awer net. Et ass de Koalitiounsprogramm 2018-2023 vun däer aktueller Regierung a puncto Aarbechtsrecht.

Näischt dovun ass ëmgesat ginn. An et gëtt emol keng Gesetzesinitiativen, di prett fir den Instanzewee sinn.

Wa mer wëllen d'Situatioun vun de Salarié'en verbesseren, wa mer wëlle rëm méi attraktiv gi fir méi Leit unzezéien och aus der Groussregioun, da musse mer och eppes dofir maachen.

Dir Dammen an dir Hären,

D'CSL huet am leschte Joer, zesumme mat de Gewerkschaften, eng Campagne lancéiert, fir d'Plattformaarbechter ze schützen.

Well oft sinn di Leit vun engem Patron, also der Plattform, ofhängeg, ouni dass se awer vun deenen entspriechende Rechter vun engem normale Salarié profitéiere wéi Congé, gereegelt Aarbechtszäiten, Mindestloun oder Sozialversécherung.

Et geet eis drëm fir d'Leit op hir Rechter opmierksam ze maachen, mee awer och fir de Grand Public ze sensibiliséieren op di Problematik.

An et geet jo och anescht ; et ginn der och déi sech un d'Reegelen halen.

Fir dat awer allgemeng ze garantéieren huet d'CSL eng Proposition de loi ausgeschafft fir d'Plattformaarbecht ze reegelen a mir hoffen dass den Aarbechtsminister déi deemnächst iwwerhëlt an e Gesetz draus mécht.

Dir Dammen an dir Hären,

Investéiert gi muss och am Beräich vun der Formatioun. Mir maachen dat och als CSL. D'Offer vun eisem Lifelong Learning Centre gëtt weider ausgebaut.

Et geet em de Reskilling an den Upskilling. Eis ass et wichteg dass d'Salariéen duerch d'Weiderbildung hier Aarbechtsplaz kennen ofsécheren a sech weiderentwéckelen.

Leider ass dat jo net ëmmer de Fall. Wichteg Punkten déi am leschte Koalitiounsvertrag festgehale goufen ewéi den Droit individuel à la formation oder de Compte personnel de formation, si bis haut nach ëmmer net diskutéiert ginn.

Um Gebitt vun der Weiderbildung wäert d'CSL hirersäits iwwert hiere Weiderbildungszentrum, dem LLLC, alles ënnerhuele fir et ze erméiglechen d' Leit ze qualifizéieren.

Am Joer 2022 hate mer méi ewéi 11.000 Aschreiwungen an onse sämtleche Formatiounen: dat sinn eis Owescoursen, eis Séminairen, eis Unisformatiounen, eis Formatioune fir Senioren, eis Zertifikatiounen, eis Gewerkschaftsformatiounen an d'Formatioune fir d'Personaldelegéiert déi mer mat der École supérieure du travail a mam Aaarbechtsministär ubidden.

Dir Dammen an dir Hären,

mir hunn am Laf vum Joer 2022 eng ganz Rei Avis 'en zu wichtege Gesetzesprojeten am Beräich Educatioun a Formatioun geschriwwen. Ob 2 vun hinne well ech den Owend agoen.

Fir d'éischt déi obligatoresch Schoulpflicht bis 18 Joer.

D'Sozialpartner, d'Beruffschambere souwéi aner concernéiert Acteure sinn iwwerrascht gi vun dëse Regierungsinitiativen.

Mir si skeptesch dass eleng e Jonken zwénge bis 18 Joer d'Schoulbänk ze drécken, de Problem vum Décrochage scolaire nohalteg léise wäert. Dobäi si weder konkret Mesure nach Strukture fir déi concernéiert Schüler a Studenten ze betreien an ze encadréieren dass se eng Qualifikatioun kréien, virgesinn.

Och aner Froe sinn net geléist.

Ier d'Regierung esou eng wichteg Decisioun hellt fuerdert d'CSL eng ëffentlech Debatte mat de Partnere fir e gréisstméigleche Konsens ze fannen.

A mat dem Gesetzesprojet iwwer d'Organisatioun vun den Héichschoulstudien si mer grad esou iwwerrascht ginn.

Mir bedaueren do virun allem dass déi universitär Weiderbildung ignoréiert gëtt. An dat an engem Context vun enger Pénurie de main-d'œuvre qualifiée. Eiser Meenung no hätten déi politesch Responsabel sollten dovunner profitéiere fir endlech dem Kompetenzzenter vun der Uni Lëtzebuerg d'Méiglechkeet ze gi fir zesumme mat eis a mat aneren, universitär Formatiounen auszeschaffen an unzebidden. Dat wier am Sënn vun de Salariée wéi och vun de Betriber.

D'CSL, zesumme mat der Handelskummer, der Handwierkskummer an der Landwirtschaftskummer, huet e Bréif gemaach un den zoustännege Minister fir dass den aktuelle Gesetzesprojet nogebessert gëtt.

Dir Dammen an dir Hären

Ech géif domadder zum Ofschloss kommen. Ech si scho laang am gaangen, dir gesitt mir maache vill an ech konnt trotzdeem nëmmen op e kléngen Deel vun den eisen Dossier’en an Aktivitéiten agoen.

Ech wollt iech hei alleguerte Merci soen déi der ënnert der enger oder der anerer Form mat der CSL zesummeschafft.

Ech profitéieren awer och vun dëser Plaz fir e grousse Merci ze soen un all eis Memberen, un de Comité a virun allem och un dat ganzt haaptamtlecht Personal vun der CSL fir hiren Asaz.

Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet a ginn d’Wuert wieder un de Fernand Etgen an duerno un de Georges Engel.